FACULTÉ DES LETTRES, DES SCIENCES HUMAINES, DES ARTS ET DES SCIENCES DE L'ÉDUCATION

Master en langues, cultures et médias – Lëtzebuerger Studien

Den Opbau vum Studium

Règlement

1. Semester

Wantersemester 2011/2012

UNIVERSITÉ DU LUXEMBOURG

IWWERSIICHT

Gesamtkonzept vum Master 3
Konkreten Opbau vum Studiegang 5
Iwwerbléck iwwer d'Modulestruktur 7
Studien- a Prüfungsuerdnung 11
Adressen, Linken an Telefonsnummeren 14

GESAMTKONZEPT VUM MASTER

D'Lëtzebuerger Sprooch, Literatur a Medien an hirer Entwécklung an an hirem spezifesche gesellschaftlechen a kulturelle Kontext stinn am Zentrum vun dësem Masterstudiegang.

De Master ass innovativ a senger Perspektiv,

- déi d'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur an de méisproochegen a multikulturelle Kontext vum Land abett,
- déi berücksichtegt, wéi Kultur zu Lëtzebuerg duerch d'Medie wéi Film, Press, Tëlee oder Radio konstruéiert a reflektéiert gëtt.

‚Learning outcomes'

Envisagéiert ass d'Ausbildung vun Experten, déi net op eng Disziplin fixéiert bleiwen, mee interdisziplinäert Wëssen a Kompetenzen an de Gebidder vun der Lëtzebuerger Sprooch, Literatur a Medie matbréngen an och an der Beruffswelt uwenne kënnen. Ziler bis d'Enn vum Studium sinn deemno:

- verdéifte Kenntnisser an deene genannte Beräicher a Fächer,
- en Abléck an déi wichtegst Methoden an Instrumenter vun de Sprooch-, Literatur- a Mediewëssenschaften,
- d'Kompetenz, spezifesch lëtzebuergesch Charakteristiken identifizéieren an ënnerscheeden ze kënnen,
- d'Kompetenz, den Afloss vun anere Kulturen zu Lëtzebuerg analyséieren an an der Perspektiv vun der Grouss-regioun, vun Europa an der Welt evaluéieren a vergläichen ze kënnen;
- d'Fäegkeet, kritesch ze urteelen esouwéi eegestänneg a wëssenschaftlech ze schaffen
- an d'Kompetenz, d'Wëssen iwwert déi lëtzebuergesch Sprooch, Literatur a Kultur weiderzeginn.

Liene mat der Recherche an der Beruffswelt

- Zesummenaarbecht mat den Equippen aus der IPSE-Fuerschungseenheet a mat der Prioritéit „Etudes Luxembourgeoises"
- Zesummenaarbecht mat lëtzebuergesche Kultur- a Medieninstituter
- Invitatioun vu Fachleit aus der Beruffswelt an der internationaler Fuerschung

Berufflech Perspektiven

- Professer fir d'Lëtzebuergescht
- Recherche (Doktorat)
- Politesch a kulturell Institutiounen
- Redaktioun a Lektorat an den Editiouns- a Pressenhaiser, Theateraarbecht a -kritik

Viraussetzungen, fir ugeholl ze ginn

- E Bachelorofschloss an der Philologie (Franséisch, Däitsch oder Englesch, o.ä.), an der Konscht, de Mediewëssenscaften, der Geschicht oder anere Kulturwëssenschaften
- Vun de Kandidate fir d'Professerscarrière ass e Bachelor an enger Philologie verlaangt.

Sproochekompetenzen

- Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch (e gudden Deel vun de Coursë gëtt op Lëtzebuergesch gehalen).
- Passiv Kenntnisser am Englesche sinn néideg (fir d'Fuerschungsliteratur rezipéieren ze kënnen).

Maximum u Kandidaten: 20

Dauer vun der Formatioun

- plein-temps: 2 Joer (4 Semester)
- mi-temps: 4 Joer (8 Semester)

Aarbechtsopwand, ECTS-System

Den Aarbechtsopwand fir eng Formatioun berechent sech no de sou g. ECTS-Punkten (‚European Credit Transfer System-Points'). En ECTS-Punkt bedeit ca. 30 Stonnen Aarbecht. Et kann een also z.B. fir e Cours mat 4 ECTS vun engem Opwand vun 120 Aarbechtsstonnen ausgoen. Dozou gehéiert d'Zäit am Cours selwer, d'Preparatioun, d'Nobereedung, d'Ausschaffe vun engem Projet oder enger Hausaarbecht an den Examen. De ganze Master huet 120 ECTS, d.h. 3600 Aarbechtsstonnen.

KONKRETEN OPBAU VUM STUDIEGANG

Thematesch Beräicher an Optiounen

D'Inhalter vum Master si konkret an dräi Kärberäicher organiséiert: **Sprooch(en) (Lg)**, **Literatur (Li)** a **Medien- a Kulturwëssenschaften (Me)**. Op dës dräi Kärberäicher entfält dee gréissten Deel vun den ECTS-Punkte resp. vum Aarbechtsopwand.
Vum zweete Semester un ass eng Spezialisatioun op zwee vun deenen dräi thematesche Beräicher virgesinn: d.h. am Laf vum 2. Semester gëtt e Schwéierpunkt festgeluecht an decidéiert, a wéi engen zwee Kärberäicher d'Coursë fir 6 ECTS (Kärberäich = 12 ECTS), an a wat fir engem d'Coursë fir 3 ECTS (Kärberäich = 6 ECTS) beluecht ginn. Am 3. Semester ginn dann déi Kärberäicher beluecht an deenen am 2. Semester 12 ECTS gemeet goufen.

Am véierte Semester kann tëschent zwou Optiounen entscheet ginn:

- Eng **Optioun *Recherche/Enseignement*** (Carrière an der Fuerschung), déi mat engem wëssenschaftleche Mémoire à 28 ECTS ofschléisst.
- Eng **Optioun *Kultur*** (Carrière an de Kulturinstituter oder de Ministèren, de Medien), déi mat engem praktesche Stage (2 Méint) à 13 ECTS an engem Mémoire à 15 ECTS ofschléisst.

Am drëtte Semester besicht de Student en Tutorat mam Zil, d'Thema vun der Masteraarbecht auszeschaffen, dat bis zum Enn vum drëtte Semester festgeluecht muss sinn.
Weider soll am véierte Semester en interdisziplinäre Cours aus anere Master-programmer a vun anere Professure beluecht ginn.

Iwwersiicht iwwer d'Verdeelung vun den ECTS-Punkten

Beräich	Module	ECTS
Sprooch(en)	Lg1-Lg6	15 resp. 33 *
Literatur	Li1-Li6	15 resp. 33 *
Medien- a Kulturwëssenschaften	Me1-Me6	15 resp. 33 *
Interdisziplinär Veranstaltung	I	4
Fuerschungsmethoden	F	3
Tutorat	T	2
Stage*	S	- resp. 13 *
Mémoire*	Ma	28 resp. 15 *
Colloque am Kader vum Mémoire	C	2
		120 ECTS

* ofhängeg vun der gewielter Optioun

IWWERBLÉCK IWWER D‘MODULESTRUKTUR

Kärberäich 1: Sproochwëssenschaft

Vermëttlung vu linguisteschen a soziolinguisteschen Analys- a Beschreiwungsmethoden applizéiert op d’Lëtzebuergescht an déi lëtzebuergesch Sproochesituatioun: Beschäftegung mat de sproochleche Strukturen (Phonetik/Phonologie, Morphologie, Syntax), der Sproochgeschicht a -standardiséierung, mat der Méisproochegkeet, Sproochkontakt a Code-switching a mat der Sproochepolitik. Bei all Aspekt gëtt och berücksichtegt, wat fir en Afloss déi héich Variatioun (sozial, regional, individuell) op déi sproochlech Strukture resp. déi konkret Kommunikatiounssituatioun huet.

Kärberäich 2: Literatur

An dësem Deel vum Masterprogramm geet et drëm, duerch eng Aféierung an d’Lëtzebuerger Literatur an hire verschiddene Sproochen, e fondéiert Wësse vum Kanon an iwwert d’Wierker aus de verschiddene Gattungen ze vermëttelen. Am literaturhistoreschen Iwwerbléck vun der Lëtzebuerger Literatur gëtt op déi Entwécklungen, Zäsuren a Wenden higewisen, déi d’Literaturdynamik wärend den eenzelnen Epoquë konditionnéiert hunn. Nieft der literaturhistorescher Approche sinn et och literaturtheoretesch a literatursoziologesch Methoden, Theorien a Konzepter déi hei hëllefe sollen, Texter an hirem historesche Kontext ze verstoen an z’interpretéieren. D’Literature ginn nët nëmmen an hirem Bezuch ënnerteneen, mee och an hiren internationale Bezéiungen, Uleenungen an Orientatioune studéiert. Duerch kulturtheoretesch a -wëssenschaftlech Modeller an Aspekter solle Praktiken an Technike vum Kulturtransfer a spezifesch interkulturell Elementer an der Lëtzebuerger Literatur nogewise ginn.
E weidere Schwéierpunkt besteet dodran, Literatur an hire Bezéiungen a Kontributiounen zum sozialen, historeschen, politeschen an institutionnelle Kontext ze gesinn an z’analyséieren.

Kärberäich 3: Medien- a Kulturwëssenschaft

Les cours de cette section visent à étudier le rapport entre les médias et la culture. On analysera les médias comme les moyens de la production et de la consommation culturelle, en général et au Luxembourg en particulier.

Comment l’information, l’art, le divertissement, la politique, etc. vivent-ils à travers les médias ? D’une part, à quoi les médias servent-ils, comment les utilise-t-on ? Et d’autre part, comment agissent-ils sur nous ?
On étudiera la presse et l’ordinateur, les cinémas et les salles de musée. On n’entendra donc pas « média » au sens restreint de « média de masse », mais comme support et moyen pour la construction collective de la culture. On interrogera les médias comme de véritables médiateurs de la culture.
Outre un cours d’introduction générale aux études des médias (les différentes théories et approches, l’histoire et les problèmes culturels des médias), nous prévoyons cinq cours sur la situation du Luxembourg et de la Grande Région. Ils fourniront un savoir critique essentiel pour comprendre et analyser le Grand-Duché, dans sa spécificité et par rapport aux autres pays.
L’approche sera multidisciplinaire : sémiotique, sociologique, historique, esthétique. On étudiera aussi des situations de médiation culturelle précise, y compris à travers des rencontres avec des professionnels protagonistes de la scène locale.

1. Semester

Module			ECTS
Lg1	Sprooch(en) 1:	Lëtzebuergesch Linguistik I	5
Lg2	Sprooch(en) 2:	Soziolinguistik vu Lëtzebuerg an der Groussregioun	4
Li1	Literatur 1:	Aféierung an d'Geschicht vun de Lëtzebuerger Literaturen	5
Li2	Literatur 2:	Kultur- a Literaturgeschicht vu Lëtzebuerg vum 19. bis d'21. Joerhonnert	4
Me1	Médias et Cultures 1:	Introduction aux études des médias	5
Me2	Médias et Cultures 2:	Histoire et culture des médias au Luxembourg	4
F	Fuerschungsmethoden:	Methodeseminaire	3
			30

Vum zweete Semester un ass d'Spezialisatioun op zwee vun deenen dräi thematesche Beräicher virgesinn (d'Wiel entsprécht den Optiounen 1, 2 oder 3):

2. Semester

Module			ECTS		
			Opt. 1	Opt. 2	Opt. 3
Lg3	Sprooch(en) 3:	Lëtzebuergesch Linguistik II	6	6	3
Lg4	Sprooch(en) 4:	Soziolinguistesch Theorien a Methoden	6	6	3
Li3	Literatur 3:	Literatur- a genretheoretesch Approchen 1	6	3	6
Li4	Literatur 4:	Lëtzebuerger Literaturen: Kontexter, Problemer, Méiglechkeeten	6	3	6
Me3	Médias et Cultures 3:	D'Lëtzebuerger Kultur am europäesche Kontext	3	6	6
Me4	Médias et Cultures 4:	Arts et médiations artistiques au Luxembourg	3	6	6
			30	**30**	**30**

3. Semester

Module			ECTS Opt. 1	ECTS Opt. 2	ECTS Opt. 3
Lg5	Sprooch(en) 5:	D'Sprooch am soziale Kontext	6	6	-
Lg6	Sprooch(en) 6:	Sproochepolitik	6	6	-
Li5	Literatur 5:	Literatur- a genretheoretesch Approchë vun der Lëtzebuerger Literatur II	6	-	6
Li6	Literatur 6:	Zäitgenëssesch Lëtzebuerger Literatur	6	-	6
Me5	Médias et Cultures 5:	Images et médias	-	6	6
Me6	Médias et Cultures 6:	Industries et management des médias dans la Grande-Région	-	6	6
I	Interdisziplinär Veranstaltung:	Auswiel aus anere Masterprogrammer	4	4	4
T	Tutorat	Virbereedung op de Mémoire	2	2	2
			30	**30**	**30**

4. Semester

Module			ECTS
Optioun *Enseignement oder Recherche*			
Ma	Mémoire		28
C	Colloque	Presentatioun vum Mémoire	2

Optioun *Kultur*			
S	Stage - Rapport		13
Ma	Mémoire		15
C	Colloque	Presentatioun vum Mémoire	2
			30

STUDIEN- A PRÜFUNGSUERDNUNG

Dës Studien- a Prüfungsuerdnung gëllt nëmme fir Studentinnen a Studenten, déi am Wantersemester 2011/2012 hiert éischt Semester ufänken. Ännerunge kënnen nach virgeholl ginn.

1. Déi offiziell Reegele fir d'Organisatioun vun engem Master sinn am *Règlement grand-ducal du 22 mai 2006 relatif à l'obtention du grade de bachelor et du grade de master de l'Université du Luxembourg* an am *Règlement d'Ordre Intérieur de l'UL* (cf. Moodle) festgeluecht.
2. D'Form an den Ëmfank vun der Evaluatioun vun de Coursë gëtt vum Dozent festgeluecht. Wann eng Studentin / e Student beim matgedeelten Delai den Examen net matschreift, e mëndlechen Examen net mécht, oder eng Hausaarbecht net ofgëtt, huet dëst als Konsequenz, datt am Jury d'examen vun dësem Semester e „Pas Composé" fir de betreffende Module an de Relevé de notes agedroe gëtt.
3. Fir an d'3. Semester zougeloss ze ginn, muss spéitstens bis den 1. September 2012 all Cours bis op maximal een aus dem 1. an 2. Semester bestane sinn.
4. Spéitstens um Enn vum 3. Semester muss all Cours (bis op maximal een; kuckt 5.) bestanen an duerch de Jury d'examen validéiert ginn. Dofir mussen d'Prüfungsleeschtunge bis bei de festgesatenen Termin virleien.
5. D'Prüfungsleeschtung fir maximal ee Cours kann nach am 4. Semester gemaach ginn a muss bis den 31.8.2013 virleien.
6. D'Umellung fir d'Masteraarbecht, déi op Mëtt Dezember 2012 festgeluecht ass, geschitt sous réserve vu Punkt 4. Wann déi ënner Punkt 4 opgefouert Konditiounen net erfëllt sinn, kann d'Masteraarbecht net am 4. Semester ugefaange ginn. Dëst ass dann eréischt am 5. Semester erëm méiglech.
7. Kompensatioun vu Coursen, déi net bestane goufen, ass net méiglech.
8. Exceptioune vun dëse Reegelungen am Fall vu Krankheet oder seriéise familiäre Problemer gi vu Fall zu Fall decidéiert.

Presenzen

1. Et besteet d'Obligatioun un all Cours deelzehuelen, wat vum Dozent mat enger Presenzlëscht kontrolléiert gëtt.
2. All Feele muss entschëllegt ginn. Et kann een (entschëllegt oder net entschëllegt) maximal zweemol pro Semester/Cours feelen. Wie méi dacks feelt, kritt de Cours nëmmen an Ausnamefäll validéiert.

Sproochereegelung

1. Fir déi wëssenschaftlech Hausaarbechten am éischte Semester bleift d'Wiel vun der Sprooch jidder eenzelem iwwerlooss. D'Texter kënnen op Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch oder Englesch geschriwwe ginn.
2. D'Halschent vun den Hausaarbechten an de Kärberäicher Sprooch a Literatur sinn am zweeten an drëtte Semester op Lëtzebuergesch ze schreiwen.
3. De sproochlechen Ausdrock, d'Orthographie an d'Grammaire gi mat bewäert a maachen 20% vun der Note aus.
4. Bei net-mammesproochlecher Kompetenz am Lëtzebuergesche ka mam Enseignant individuell iwwert eng Kompensatioun vun de Sproochenufuerderunge geschwat ginn.

Duerchféierung an Evaluatioun vun der Masteraarbecht (‚Mémoire')

1. D'Zäit vum 4. Semester ass fir d'Schreiwe vum Mémoire resp. Stage plus Mémoire virgesinn.
2. Am Laf vum 4. Semester muss sech d'Studentin / de Student op d'mannst véier Mol mam Tuteur treffen, fir de Fortschrëtt vun der Aarbecht ze diskutéieren (confirméiert mat enger Ënnerschrëft um Formulaire, cf. Moodle).
3. Ëmfank vum Mémoire:
   - fir d'Optioun ‚Recherche oder Enseignement': 80-100 Säiten (20.000-25.000 Wierder)
   - fir d'Optioun ‚Kultur': 40-60 Säiten (10.000-12.0000 Wierder) + Rapport de Stage 6-10 Säiten (2000-3000 Wierder)
   - fir d'Optioun ‚Kultur' dauert den obligatoresche Stage 6-8 Wochen.
4. Bei der Redaktioun vum Mémoire sinn d'Reegele vun der Universitéit Lëtzebuerg, wat de Plagiat ugeet, ze berücksichtegen (cf. Moodle).
5. Sechs Wochen ier de Mémoire ofgi gëtt, ass e Colloque programméiert, wou all Student säi Mémoire virstellt (2 ECTS, bewäert).
6. De Mémoire gëtt an dräi ausgedréckten Exemplairen am Sekretariat ofginn; eng PDF-Versioun ass per E-Mail deeselwechten Dag un den Tuteur ze schécken.
7. Den Delai, fir de Mémoire ofzeginn, ass de 15.8.2013
8. De Mémoire gëtt vum Tuteur an engem zweete Korrektor verbessert. De Mémoire ass bis den 20.9.2013 korrigéiert a bewäert; vum Sekretariat kritt d'Studentin / de Student duerno eng Bescheinegung an de Relevé de notes geschéckt. D'offiziell Diplomiwwerreechung ass fir den November 2013 virgesinn.

9. Am Fall wou d'Masteraarbecht mat ongenügend bewäert resp. net ofgi gouf, besteet d'Méiglechkeet, dat Semester drop eng nei Aarbecht ofzeginn. Dofir muss allerdéngs mam Tuteur en neit Thema festgeluecht ginn.
10. Sproochereegelung vum Mémoire: de Mémoire kann op Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch geschriwwe ginn. Et ass och méiglech, de Mémoire an zwou Sproochen (L + D oder L + F) ze schreiwen, an dësem Fall sollt déi klengsten Unitéit an enger Sprooch ee Kapitel sinn. An alle Fäll ass de Sproochechoix fir de Mémoire mam Tuteur ze beschwätzen.
11. Exceptioune vun dëse Reegelungen, z.B. Verlängerung vun der Redaktioun fir d'Masteraarbecht am Fall vu Krankheet oder seriéise familiäre Problemer, gi vu Fall zu Fall decidéiert.

Deelzäitstudium

Den Deelzäitstudium ass iwwer 8 Semester virgesinn an an der Tabell fannt Dir eng Propose fir d'Fächerverdeelung iwwer dës Zäit. Natierlech kënnen d'Fächer och nach anescht kombinéiert ginn – dat hei ass *eng* Méiglechkeet.

Semester	WS / SS	Lg	Lg	Li	Li	Me	Me	Aner Coursen
1	WS	Lg1		Li1		Me1		Fuerschungsmethoden
2	SS	Lg3		Li3				
3	WS	Lg2		Li2		Me2		
4	SS	Lg4		Li4				
5	WS	Lg5		Li5		Me5		Interdisziplinäre Cours
6	SS					Me3	Me4	
7	WS	Lg6		Li6		Me6		
8	SS							

- all 14 Deeg vun 8.15 bis 11.30
- obligatoresch Coursën
- hei muss d'Spezialisatioun gewielt ginn, also gi 4 vu 6 méigleche Coursë beluecht

ADRESSEN, LINKEN AN TELEFONSNUMMEREN

Adress Laboratoire de linguistique et de littératures luxembourgeoises
Université du Luxembourg
Campus Walferdange
Route de Diekirch
L-7220 Walferdange

Bréifkëscht B.P.2 (Route de Diekirch)
L-7201 Walferdange

Website http:// malux.uni.lu
http://lux.ipse.uni.lu/

Organisatioun

Prof. Dr. Peter Gilles (directeur d'études)
Bureau: X.0.25
Email: peter.gilles@uni.lu
Telefon: 466644-6383

Dr. Melanie Wagner (allgemeng Organisatioun)
Bureau: X.0.24
Email: melanie.wagner@uni.lu
Telefon: 466644-6271

M. Pedro Tavares Mendes (Sekretariat, allgemeng Informatiounen)
Bureau: X.0.29
Email: pedro.mendes@uni.lu
Telefon: 466644-9617